N° 70 | OKTOBER 2025

# Fëschber Gemengeblat



# IMPRESSUM


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Oktober 2025

**Redaktioun**
Gemeng Fëschbech

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Maison Relais
Crèche
Natur- & Geopark Mëllerdall
D'Kommissioune vun der Gemeng
D'Veräiner aus der Gemeng
De Schäfferot an
D'Gemeng Fëschbech

**Layout**
Printing Ossa

**Cover**
En Adler an ee Fësch vum
Jean-Claude SCHAEFFER

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Printing Ossa
Parc d'activités Syrdall
46, Rue Gabriel Lippmann
L-6947 Niederanven
www.ossa.lu

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Editioun matgeschafft huet.***

FSC RECYCLÉ
Papier fait à partir de matériaux recyclés
FSC® C179465

PRINTED IN LUXEMBOURG

myclimate Notre impact. Durable Imprimerie
myclimate.org/01-24-328655


## GEMENG


Gemengerotssëtzungen 4
Matdeelungen 6
- Règlements communaux 6
- Nei Mataarbechterin 6
- Visite mam Fierschter 7
- Opruff 7
- Adventsfënster 8

Aktivitéite ronderëm d'Gemeng 9
- Kachcours 9
- Aweiung Geosite 10
- Buergermeeschterdag 2025 11
- Reevaluatioun UNESCO 11
- Drëpsi Zertifikatioun 12
- Virowend vun Nationalfeierdag 13


## NATUR & KLIMA


Bongertplanzaktioun 18
Infoowend Solarenergie 20
Klimapaktdag 21
Naturpaktdag 22
Meien mam Päerd 22
École du Goût 24


## ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG


Aktivitéiten an der Angsber Schoul 26
Schouljoer 2025 – 2026 31
Aktivitéiten am Kuebenascht 36
Aktivitéite bei de Kueben 38


## WAT WAR LASS?


Meefeier 44
Generalversammlung – Spuerveräin 45
50 Joer Spuerveräin 46
Oppe Kierchen a Concert 47
Fëschber Nopeschfest 48
Feierläschapéro 49
Schoulfest 50
Trëppeltour - Wiichtelcher 51
Parfest 52
Afterwork - CDJ Angelsbierg 53

# Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

D'Schoulrentrée 2025 hu mir hannert eis, an et gëtt esou lues a lues Hierscht. Wann Dir op der Gemeng urufft, kann et sinn, dass Dir eng nei Stëmm héiert – mir hu Verstäerkung kritt: d'Joana Ferreira Ribeiro huet den 1. August am Populatiounsbureau ugefaangen. Mir heeschen hatt häerzlech wëllkomm!

Ufanks September war e staarkt Onwieder iwwert eiser Gemeng erofgaangen an huet mat iwwerschwemmte Kelleren a Wunnengen, sou wéi ausgespullte Weeër, vill Schued gemaach. Mir schaffen intensiv u Léisungen, fir an Zukunft nach besser op esou Situatiounen preparéiert ze sinn. Op dëser Plaz e ganz grousse Merci un eis fräiwëlleg Pompjeeën an d'Gemengenaarbechter, déi sech mat vill Engagement beim Onwieder agesat hunn.

D'Haaptstrooss Richtung Miersch ass zënter deem Dag zou, well se op engem groussen Deel ewechgespullt ginn ass. Dës Situatioun bréngt leider mat sech, dass de Verkéier vun dëser Haaptaxe sech op d'Niewestroossen verdeelt. Obwuel den Haaptverkéier iwwer Noumer geleet gëtt, fueren nach ëmmer vill Autoen duerch Angelsbierg a Schous fir Richtung Miersch ze kommen. D'Gemeng ass a Kontakt mat der Police, dem Transportministère an de Ponts et Chaussées, fir d'Situatioun esou gutt wéi méiglech ze verbesseren.

D'Gemeng, awer och aner Firmen, hunn an de leschte Méint vill Projeten an eisen Dierfer an an der Ëmgéigend ugefaangen. D'Stroossen St. Nicolas an rue du Berger zu Fëschbech sinn reamenagéiert ginn, zu Angelsbierg ass en Deel vum Trottoir erneiert ginn an d'Infrastrukturaarbechten vum PAP "Um Boechel" hunn ugefaangen. D'CREOS as amgaangen d'Uewerleitungen an de Buedem ze verleeën, an um Rollengerbierg stinn elo zwou imposant Wandmillen, déi net nëmmen Energie liwweren, mee och eist Landschaftsbild nei definéieren.

Eng nei Spillplaz bei der Crèche zu Schous, nei gezeechent Wanderweeër, e vergréisserte Parking zu Fëschbech an eist neit Verkéiersreglement mat 30er-Zonen droen zur Liewensqualitéit bäi.

De 4. August hu mir eisem Éirebuergermeeschter Charles Thilgen, e Mann, deen sech laang Joren mat vill Engagement fir d'Allgemeng an eiser Gemeng agesat huet, missen fir ëmmer Äddi soen.

Den 3. Oktober 2025 ass den Trounwiessel – e besonnesche Moment fir eis Gemeng, well eis bekanntsten Awunner, den Ierfgroussherzog Guillaume an d'Ierfgroussherzogin Stéphanie, bekanntlech hei zu Fëschbech um Schlass wunnen. Am Dezember 2019 konnte mir d'Koppel op der Gemeng begréissen. Eng grouss Wëllkommfeier war geplangt, mee huet leider wéinst dem COVID-19 misse ofgesot ginn.

Am Mee 2020 ass de Prënz Charles an am Mäerz 2023 de Prënz François op d'Welt komm. Si all mussen elo eis schéi Gemeng leider verloossen, well laut Verfassung den Grand-Duc a seng Famill zu Colmer-Bierg musse wunnen. Dofir si mir awer schonns e Fest am Plangen, dat dës Kéier hoffentlech net an d'Waasser fält!

*„Monseigneur, Madamm,*

*Ech wënschen Iech am Numm vun allen Awunner aus der Gemeng Fëschbech nëmmen dat Bescht als neie Grand-Duc a Grand-Duchesse vu Lëtzebuerg. E grousse Merci geet och un Är Elteren, de Grand-Duc Henri an d'Grande-Duchesse Maria Teresa, fir hir 25 Joer am Déngscht vun eisem Land."*

Ech wënschen Iech all vill Freed beim Liese vun dëser 70. Editioun an vill Erfolleg all eise Schüler a Studenten am Schouljoer 25/26. Och e grousse **MERCI** allen Awunner aus der Gemeng fir hir Gedold bei der Ëmsetzung vun de besteeënden an zukünftege Projeten.

*Luss Brosius*
*Buergermeeschter*

# Gemengerotssëtzungen

## Séance publique du conseil communal du 4 juin 2025

Présents : BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, JAWORSKI David et SIMON Marc – conseillers ;

Excusés : FERNANDES Isabel et OLINGER Kevin, conseillers

A moins qu'il ne soit indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

Aucun candidat n'a été retenu pour le poste vacant à 75% d'institutrice ou d'instituteur aux cycles 2-4 pour l'année scolaire 2025/2026.

À la suite des explications de Madame Sarah Kolber, présidente du comité d'école, le conseil arrête provisoirement l'organisation scolaire de l'enseignement fondamental pour l'année scolaire 2025/2026.

Le conseil communal soutient la coopération étroite entre l'enseignement fondamental et la structure d'accueil et approuve le Plan d'Encadrement Périscolaire 2025/2026 établi par l'équipe pédagogique.

Le conseil approuve des titres de recettes pour un montant de 1.662.075,29 € pour les années budgétaires 2024 et 2025.

Le conseil approuve une convention relative au projet d'aménagement particulier « um Béchel » à Angelsberg sur la cession des fonds réservés aux logements adorables à la commune.

Le conseil communal approuve le devis concernant le renouvellement de la conduite d'eau potable entre le réservoir d'eau à Schoos et la source « Débicht » s'élevant à 1.550.000 € ttc.

Le conseil approuve de retirer l'ancien presbytère à Fischbach de l'inventaire communal en vue de sa démolition.

Le conseil décide :
- d'émettre un avis positif au sujet des modifications ponctuelles du plan d'aménagement général ;

Wann net anescht uginn, goufen déi verschidden Decisiounen eestëmmeg geholl.

Keen Kandidat gouf gewielt fir déi 75% vakant Plaz als Schoulmeeschter oder -meeschtesch am Cycle 2-4 fir d'Schouljoer 2025/2026.

No den Erklärungen vun der Madamm Sarah Kolber, Präsidentin vum Schoulkommitee, hält de Gemengerot déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Schouljoer 2025/2026 fest.

De Gemengerot ënnerstëtzt eng Zesummenaarbecht tëscht der Primärschoul an der Kannerbetreiungsstruktur a stëmmt de Plan d'encadrement périscolaire 2025/2026, dee vun der pedagogescher Equipe ausgeschafft gouf.

De Conseil geneemegt Einname fir e Montant vun 1.662.075,29 € fir d'Budgetsjoeren 2024 an 2025.

De Conseil approuvéiert d'Konventioun betreffend de PAP "Um Béchel" zu Angelsbierg, fir d'Terrainen z'iwwerhuelen, déi gesetzlech fir de soziale Wunnengsbau an der Gemeng reservéiert sinn.

De Gemengerot hëlt den Devis fir d'Erneierung vun der Drockleitung zwëscht dem Drénkwaasserbaséng zu Schous an der Quell "Débicht" an Héicht vun 1.550.000 € ttc un.

De Conseil approuvéiert dat fréiert Paschtoueschhaus zu Fëschbech aus dem Inventar vun der Fëschber Gemeng ze sträichen fir et spéiderhin ofzerappen.

De Conseil decidéiert:
- e positiven Avis zu de vereenzelten Ännerungen um allgemengen Aménagements- plang ofzeginn;

- de charger le collège échevinal de l'exécution de la décision concernant la « Procédure d'adoption du plan d'aménagement général » ;
- de ne pas réaliser une évaluation relative aux incidences environnementales.

- de Schäfferot ze beoptragen d'Entscheedung vun der "Procédure d'adoption du plan d'aménagement général" ëmzesetzen;
- keng Ëmweltimpaktstudie duerchzeféieren.

# Séance publique du conseil communal du 9 juillet 2025

Présents : BROSIUS Lucien – bourgmestre ;
MOURA Daniel et SCHILTZ Laurent – échevins ;
BROSIUS-KOLBER Marianne, DURRER Eric, FERNANDES Isabel, JAWORSKI David, OLINGER Kevin et SIMON Marc – conseillers ;

Le conseil communal décide de ne plus renouveler l'adhésion au « Mouvement pour l'égalité des Chances pour tous ».

Le conseil décide de maintenir pour l'année 2026 le même taux de l'impôt commercial et de l'impôt foncier.

Le conseil communal approuve les décomptes suivants :

- Mise en œuvre de mesures d'apaisement du trafic à Schoos
  Total des devis approuvés : 60.000,00 €
  Total de la dépense effective : 33.336,66 €
- Mise en place d'une clôture autour de l'atelier communal
  Total des devis approuvés : 29.974,82 €
  Total de la dépense effective : 17.010,15 €

Le conseil approuve le contrat d'ingénieur de génie civil dans le cadre des travaux de réaménagement de l'arrêt de bus à Schoos signé avec la société d'ingénieurs-conseils INCA sàrl de Niederanven.

Le conseil approuve le contrat de service dans le cadre du réaménagement de la source/puits « Débicht » avec le bureau d'études Géoconseil s.a de Contern.

Le conseil communal approuve un nouveau crédit de 20.000 € pour, entre autre, le remplacement des panneaux d'information irréparables, ainsi que l'acquisition d'un pupitre orateur mobile.

Le conseil approuve le plan de gestion des forêts 2026, tel que proposé par l'Administration de la nature et forêts et présenté par le préposé forestier Monsieur Olivier Molitor.

Madame Joana Ferreira est nommée provisoirement au poste vacant de fonctionnaire B1 sous-groupe administratif pour les besoins du bureau de population après avoir réuni la majorité absolue des suffrages.

De Gemengerot huet entscheet, d'Memberschaft beim „Mouvement pour l'égalité des Chances pour tous " net méi ze verlängeren.

De Conseil entscheet fir d'Joer 2026 de selwechten Taux vun der Gewerbe- an der Grondsteier bäizebehalen.

De Conseil approuvéiert follgend Decompten :

- Moossname fir d'Verkéiersberouegung zu Schous
  Total vun den Devisen: 60.000,00 €
  Total vun der effektiver Depense: 33.336,66 €
- Opriichten vun engem Zonk ronderëm de Gemengenatelier
  Total vun den Devisen: 29.974,82 €
  Total vun der effektiver Depense: 17.010,51 €

De Conseil approuvéiert de Bauingenieurkontrakt betreffend den Ëmbau vun der Bushaltestell zu Schous, dee mat dem Ingenieursbüro INCA Ingénieurs Conseils Associés sàrl vun Nidderaanwen ënnerschriwwe gouf.

De Gemengerot approuvéiert de Servicekontrakt betreffend den Ëmbau vun der Quell « Débicht » mam Ingenieursbüro Géoconseil s.a vu Contern.

De Rot approuvéiert en neie Kredit vun 20.000 € fir, e.a. d'Ersetzen vun de futtisse Reideren souwéi de Kaf vun engem mobillem Riednerpult.

De Gemengerot heescht de Bëschverwaltungs- plang fir 2026 gutt, esou wéi e vun der Forstverwaltung erstallt gouf a vum Fierschter Olivier Molitor presentéiert gouf.

D'Madamm Joana Ferreira gëtt mat enger absolutter Majoritéit provisoresch op de fräie Poste vum administrative Beamten B1 am Populatiouns- büro ernannt.

# Avis au public

## RÈGLEMENTS COMMUNAUX

Publication suivant article 82 de la loi communale modifiée

| Règlement de circulation | Fixation des taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier et du taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année d'imposition 2026 |
|---|---|
| Il est porté à la connaissance du public que par délibération du 12 mars 2025 le conseil communal a édicté un nouveau règlement communal de circulation, approuvé par la ministre de la Mobilité et des Travaux publics en date du 17 juin 2025, réf. ccc/rc/avis/24/6484 et par le ministre des Affaires intérieures en date du 25 juin 2025, réf. : 322/24/CR – 84ax3b329.<br><br>La délibération a été publiée en date du 1er juillet 2025 par voie d'affiches dans la commune conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988.<br><br>Le règlement est entré en vigueur le 4 juillet 2025 | Il est porté à la connaissance du public que par délibérations du 9 juillet 2025, approuvées par arrête grand-ducal du 27 juillet 2025,<br>▪ le conseil communal a fixé les taux multiplicateurs à appliquer en matière d'impôt foncier pour l'année d'imposition 2026 ;<br>▪ le conseil communal a fixé le taux multiplicateur à appliquer en matière d'impôt commercial pour l'année d'imposition 2026.<br><br>Les délibérations ont été publiées en date du 27 août 2025 par voie d'affiches dans la commune conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988. |

Tous les règlements communaux peuvent être consultés sur le site internet : www.acfischbach.lu



# Nei Mataarbechterin



Den 1. August 2025 huet eise Buergermeeschter d'Joana Ferreira vereedegt, déi nei Mataarbechterin déi op der Fëschber Gemeng am Populatiounsbüro am État civil schafft. Nodeems d'Joana säin Ofschlossdiplom am administrative Beräich am Lycée Technique d'Ettelbruck gepackt huet, huet hatt 2 Joer bei der Gesondheetskeess geschafft a freet sech elo op den neie Challenge op eiser Gemeng.

# Visite mam Fierschter

**09.07.2025 SCHOUS**



Den 9. Juli huet eise Fierschter, den Olivier Molitor, am Kader vun enger Visite am Bësch an der Schéisser Säitert, dem Gemengeconseil, seng Aarbecht erkläert. Zesummen hunn se d'Beem bestëmmt an hunn sech de Biotop ronderëm de Weier erkläre gelooss.

# Opruff

## HAUSAUFGABENHËLLEF

D'Gemeng Fëschbech sicht engagéiert Persoune fir d'Hausaufgabenhëllef fir d'Grondschoulkanner aus der Angsber Schoul. Interesséiert Persoune kënnen eis gären eng E-Mail op population@acfischbach.lu schécken a uginn, wéi eng Fächer si ubidden.



## COMMEMORATIOUN

D'Gemeng lued Iech an op d'national Commemoratioun den 12. Oktober 2025. D'Zeremonie fänkt um 10:00 Auer un mat enger Mass an der Fëschber Kierch. No der Mass gedenke mir den Affer vum Krich beim Monument virun der Kierch.



# Adventsfënster

# Fenêtre de l'avent



### KOMMISSIOUN VUM ZESUMMELIEWEN

D'Kommissioun vum Zesummeliewen vun der Gemeng Fëschbech organiséiert am Dezember d'Aktioun "Adventsfënster". D'Aktioun ass **vum 1. bis 24. Dezember**, ëmmer **vun 18.00 - 20.00 Auer**.

Wann dir eng Adventsfënster maache wëllt, da mellt iech op der Emailadress **laurent.schiltz@acfischbach.lu bis spéitstens den 20. November 2025**.

Gidd w.e.g. mat un:

- Datum vun der Fënster
- Stëll oder aktiv Fënster*
- Adress
- Är Telefonsnummer

* ***Stëll*** = eng flott dekoréiert Fënster
***Aktiv*** = eng flott dekoréiert Fënster + e Patt, eppes ze iessen, Musek, Lagerfeier, Geschicht,...

An Ärer Fënster muss den Datum vum Dag integréiert sinn (also 12 fir den 12. Dezember) a vum Startdatum un, all Owend vun 18.00 Auer u beliicht sinn. Et wier flott, wann d'Fënstere bis de 6. Januar dekoréiert a beliicht géife bleiwen.

Eng Lëscht vun all de Fënsteren, sou wéi d'Adresse vun de Leit déi matmaachen, gëtt Enn November un all Haushalt verdeelt, um Internetsite **www.acfischbach.lu** an um Facebook-Site vun der Gemeng Fëschbech veröffentlecht.

---



La Commission de vivre ensemble de la Commune de Fischbach organise l'action "Fenêtre de l'avent" en décembre. L'action se déroulera du **1er au 24 décembre**, toujours **de 18h00 à 20h00**.

Si vous souhaitez décorer une fenêtre de l'Avent, inscrivez-vous via l'adresse email **laurent.schiltz@acfischbach.lu jusqu'au 20 novembre 2025 au plus tard**.

Veuillez indiquer :

- Date souhaitée de la fenêtre
- Fenêtre silencieuse ou active*
- Adresse
- Votre numéro de téléphone

* ***silencieuse*** = une fenêtre belle décorée
***active*** = une fenêtre belle décorée + pot d'amitié, qqc à manger, musique, feu de camp, histoire,...

La date du jour doit être intégrée dans la fenêtre (c.à.d. 12 pour le 12 décembre) et les fenêtres sont illuminées dès leur date respective, chaque soir à partir de 18 heures. Les fenêtres devront être décorées et restées éclairées jusqu'au 6 janvier.

Une liste de toutes les fenêtres ainsi que les adresses des gens y participant sera distribuée fin novembre à tous les ménages, publiée sur le site internet **www.acfischbach.lu** et sur la page Facebook de la commune de Fischbach.

# Kachcours

**05.2025 SCHOUS**

## KOMMISSIOUN VIR D'ËNNERSTËTZUNG VU LOKALEN, FAIR GEHANDELTEN A BIOLOGESCHE PRODUITEN

*Temoignage vun engem Participant*

Léift geet jo bekanntlech duerch de Mo. Dëst Spréchwuert war also méi wéi genuch Grond vir d'Kommissioun vir d'Ënnerstëtzung vu lokalen, fair gehandelten a biologesche Produiten dëst Joer e Kachcours ze organiséieren. Et konnt een sech an ee vun den insgesamt dräi Coursen am Mee 2025 bei beschtem Fréijoerswieder aschreiwen. D'Plaze waren op 24 Participante limitéiert, an se waren och bannent kierzter Zäit all besat.

Déi zentral Iddi vum Kachcours war et, lokal Produkter aus der Gemeng ze benotze vir saisonal Gerichter ze kreéieren, déi een sou eigentlech just aus der gehuewener Kiche kennt. Heifir goufen dunn och richteg Profie beoptraagt – Déi zwee Kulinariker Joran a José aus dem Struwweltëntert (Helperknapp) hunn sech esou also dräi mol op de Wee an d'Gastro-Kiche vum Centre Culturel op der Héicht zu Schous gemaach. Am Gepäck haten si nieft hire schaarfe Messeren natierlech och Rezepter, déi si dann extra vir de Kachcours an der Fëschber Gemeng erstallt hunn.

No engem klengen Aperitif an enger Begréissung hat de Kichechef Joran de Participanten déi dräi Platen vum Owend kuerz erkläert. Well et jo awer e Kachcours war, konnt een sech zwar op de Menu freeën, ma et huet ee selwer missen Hand uleeë. Dofir goufen och d'Aufgaben, déi an de kommende Stonnen ze realiséiere waren, kuerz erkläert. Duerno huet een da gemeinsam d'Kiche betratt, an ab du goung et, wéi een et aus dem Fernseh kennt, "Schlag auf Schlag". An dem engen Eck gouf Geméis geschnëppelt, am anere goufen d'Eeër vir de Biscuitsdeeg geschloe, d'Truite saumonée aus de Fëschber Weiere gouf filetéiert a Sprenze goufe mat enger extra Pincette erausgezunn, an et goufe Spargele blanchéiert a puréiert, vir duerno als perfekt gewürzte Spargelschaum den i-Tüpfelchen op dem Teller, den all Participant selwer arrangéiere konnt, ze sinn.




Et huet net nëmmen immens vill Spaass gemaach vir gemeinsam eppes ze kachen, ma et huet een nawell och vill bäi geléiert. Et ass eng logistesch Challenge vir all déi eenzel Komponente à point gekacht an och nach waarm op den Teller an duerno op den Dësch ze kréien. Ma mat dem Know-how an der Hëllef vum Joran a José hunn d'Participanten dat awer mat bravour gemeeschtert. No der Hektik an der Kichen huet een sech dunn zesummen un den Dësch gesat an déi gemeinsam Meeschterwierker ugekuckt. Den éischte Bléck op den Teller war natierlech kritesch – Do sinn esou vill Elementer, déi een esou nach ni selwer gemaach huet. Konnt dat also eppes gi sinn? Mat dem éischte Maufel ass de skeptesche Bléck awer direkt verschwonn an zu engem grinsen a verschmolte Bléck ginn. Dat wat do um Teller war, war ebe selwer gemaach, mat saisonale Produiten. Dat schmaacht dann natierlech besonnesch gutt. Et ass also awer net just e Spréchwuert, ma spéitstens nom Kachcours war gewosst: Léift geet eben wierklech duerch de Mo.

Wann Dir och intresséiert sidd, bei esou engem Evenement matzemaachen, dann haalt d'Aen op – D'Kommissioun ass aktuell schonn amgaangen, den nächste Cours ze plangen. Dëse wäert dann an enger anerer Joreszäit ofgehal ginn. Et kann een also bis dohi gespaant bleiwen, wéi eng saisonal a lokal Produiten déi nächste kéier eraus gesicht ginn.









GEMENG

9

# Aweiung Geosite

**22.05.2025 FISCHBACH**

## EINWEIHUNG INTERAKTIVER ELEMENTE AM GEOTOP „AL SCHMELZ" IN FISCHBACH

Der Natur- & UNESCO Global Geopark Mëllerdall hat am Geotop „Al Schmelz" in Fischbach neue interaktiv-didaktische Elemente eingeweiht. In Anwesenheit von Raumentwicklungsminister Claude Meisch wurden die neuen Angebote offiziell der Öffentlichkeit vorgestellt. Sie machen die Geschichte der früheren Eisenverhüttung in Fischbach auf innovative Weise greifbar.

Der Standort „Al Schmelz" zählt zu den Geotopen des UNESCO Global Geoparks Mëllerdall und wurde zum Geotop des Jahres 2025 ernannt. Geotope sind Orte, an denen Erdgeschichte erlebbar wird. Der Geotop „Al Schmelz" ist ein herausragendes Beispiel dafür, wie geologisches und kulturelles Erbe miteinander verbunden und für Bildung und Bewusstseinsbildung erschlossen werden können. Damit leistet er einen zentralen Beitrag zur anstehenden Re-Evaluation des UNESCO-Status, die vom 11. bis 15. Juni 2025 stattfinden wird. Zwei internationale Gutachter aus dem Netzwerk der UNESCO Global Geoparks werden im Rahmen eines intensiven Programms sämtliche Mitgliedsgemeinden besuchen und sich ein Bild über aktuelle Projekte machen. Der neu gestaltete Standort „Al Schmelz" wird dabei selbstverständlich eine bedeutende Rolle spielen.

Zentrales Highlight ist die lebensgroße Figur eines Schmiedes aus Eisen. Der „Feierstëppler" – wie er genannt wird – erinnert an die damaligen Arbeiter und erzählt seine Geschichte selbst: Durch Drehen einer Kurbel erzeugen BesucherInnen Strom, der die Figur zum Sprechen bringt. Die Figur vermittelt auf Deutsch, Französisch und Englisch Informationen über die lokale Eisenproduktion des 18. und 19. Jahrhunderts. Über einen QR-Code an der Figur können zwei Augmented-Reality-Erlebnisse auf dem eigenen Smartphone aufgerufen werden. Diese vermitteln eindrucksvoll die Funktionsweise eines Pochwerks und eines Hochofens – unterstützt durch Beiträge des INPA (J.-C. Schumacher), der Universität Luxemburg (Dr. Martin Uhrmacher) und dem Verein Ferroforum.



Fischbach zählt zu den frühesten industriellen Zentren Luxemburgs. Von etwa 1768 bis 1812 wurde hier im Tal des Langegronn an der „Al Schmelz" Raseneisenerz aus der Umgebung von Mersch in einem Hochofen verhüttet. Die Voraussetzungen waren gut: Wasser aus dem Luxemburger Sandstein trieb Wasserräder und Blasebälge an, während die umliegenden Wälder Holz für die Holzkohlegewinnung boten. Diese Schmelze wurde aber 1812 aufgrund mangelnder Wassermengen stillgelegt und die Verhüttung ins Tal der Weißen Ernz verlagert – zur „Nei Schmelz". Heute erinnern vor allem die noch sichtbaren Weiher sowie zahlreiche Schlacken an diese Zeit. Damals wie heute waren Rohstoffe und Energie ein hochaktuelles Thema.



Die neuen Vermittlungselemente am Geotop „Al Schmelz" in Fischbach lassen sich ideal entlang der Wanderwege F1 und F2 entdecken. Beide lokale Wanderwege starten im Dorfzentrum. Langfristig ist geplant, den Standort in einen weiteren Geo-Pad zu integrieren, der gemeinsam mit der Gemeinde Fischbach und dem Tourismusverband Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz entwickelt wird.

*Natur- & Geopark Mëllerdall*

# Buergermeeschterdag 2025

**05.06.2025 MUNNEREF**




Och dëst Joer hunn sech d'Gemengen Fëschbech, Fiels, Noumer an Hiefenech zesummegedoe fir mam Bus op de Buergermeeschterdag ob Munneref ze fueren. Um Programm stoung eng Presentatioun vun der Klimaagence zum Thema "Klima an Ëmwelt – Upassungsstrategië fir d'Gemengen", esouwéi Rieden vun de Ministeren Serge Wilmes a Léon Gloden an de kollegialen Austosch tëschent de Gemengevertrieder a Beamten.

# Reevaluatioun Unesco

**14.06.2025 FËSCHBECH**

## UNESCO-REEVALUATION IM NATUR-& GEOPARK MËLLERDALL

Vom 11. bis 15. Juni 2025 fand eine offizielle Evaluierungsmission im Natur- & Geopark Mëllerdall statt. Zwei von der UNESCO delegierte Gutachter – Sara Gentilini aus Dänemark und Goran Pavic aus Kroatien – besuchten in dieser Zeit die Region, um sich ein umfassendes Bild von der aktuellen Entwicklung des Geoparks zu machen und zu prüfen, ob die Region weiterhin das Label UNESCO Global Geopark tragen darf.

Das abwechslungsreiche Programm umfasste Stationen in allen Mitgliedsgemeinden des Natur- & Geoparks und bot den Gutachtern an drei intensiven Tagen vielfältige Einblicke in Projekte und Initiativen, die der Geopark gemeinsam mit den Gemeinden, lokalen Akteuren und zahlreichen Partnern umsetzt. Ziel dieser Arbeiten ist es, das einzigartige geologische, kulturelle, natürliche und immaterielle Erbe der Region nachhaltig zu schützen, zu bewahren und weiterzuentwickeln.



Am dritten Tag des Besuchs wurde die Delegation in der Gemeinde Fischbach vom Bürgermeister Lucien Brosius und Schöffe Daniel Moura empfangen. Gemeinsam besichtigte man das Geotop Al Schmelz an den Weihern südlich des Dorfes Fischbach, ein bedeutender Ort des industriellen Erbes der Region, an dem erst kurz zuvor das interaktive didaktische Element eingeweiht worden war, das die Geschichte akustisch und digital erlebbar macht. Wo einst eine Hochofenanlage stand, die zur wirtschaftlichen Entwicklung des Ortes beitrug, breitet sich heute wieder eine naturnahe Landschaft aus. Das Geotop steht exemplarisch für den Wandel von einem industriell geprägten Standort hin zu einem Ort der Erholung, des Naturerlebens und der Vermittlung regionaler Geschichte.

Nach einem kurzen Spaziergang zum Napoleonshutt wurde der Besuch mit einem Aperitif in bezaubernder Kulisse bei den Weihern abgerundet, bevor die Delegation zum Mittagessen in der Epicerie in Schrondweiler und zum Besuch des Geotops Champignon weiter in die Gemeinde Nommern fuhr.

Wie geht es weiter? Nun heißt es erst einmal Geduld haben: Die offizielle Entscheidung darüber, ob die Reevaluation erfolgreich war, wird im April 2026 von der UNESCO getroffen.

Die Mission war ein wertvoller Anlass, das Engagement aller Beteiligten sichtbar zu machen, die gemeinsamen Anstrengungen zum Schutz und zur nachhaltigen Entwicklung unserer einzigartigen Region hervorzuheben – und diese auch in Zukunft weiter zu fördern.

*Natur- & Geopark Mëllerdall*

# "Drëpsi"-Zertifikatioun

**18.06.2025 KIERCHBIERG**

Den 18 Juni konnt de Schäfferot d'Zertifikatioun "Drëpsi" am Gold fir Distributioun an de Stockage vun eisem Drénkwaasser am interkommunale Waasserreseau vun de Gemenge Fëschbech, Fiels a Noumer, um Kierchbierg vum Här Minister Serge Wilmes entgéint huelen. De Service Technique an de Service Regie vun der Gemeng Fëschbech sinn niewent eisem lokale Waasserreseau och zoustänneg fir d'Gestioun vum interkommunale Réseau.





# Virowend vun Nationalfeierdag

**22.06.2025 SCHOUS**

Ewéi all Joer hunn sech d'Awunner vun der Gemeng um Virowend vum Nationalfeierdag getraff fir ze feieren. Am Cortège, mat un der Spëtzt de Pompjeeën, ass et an d'Kierch gaangen, wou de Paschtouer eis empfaangen huet. Nom Te Deum wor eng Gedenkminutt beim Krichsmonument, wou och d'Heemecht gesong gouf.

Am Veräinshaus op der Héicht ass et du mat der offizieller Usprooch vum Buergermeeschter weidergaangen. Uschléissend goufen och dëst Joer nees eng Rëtsch Sportler aus der Gemeng geéiert:

Am Tennis:
- D'Elena Schiltz bei de Filles.
- De Chris Rodesch huet den 1. Challenger a Florida gewonn.
- De Maxime Rodesch, Champion vu Lëtzebuerg bei der U16 am Januar 2024.

Am Karate:
- D'Maya Durrer huet déi éischt Plaz am punok dutch for youth an Holland, an der Coupe International de Kayl, am Championat Nationale de Kata, am Championnat National de Kumite, am International Sen5 Rhein Shiai in Nürburgring an am Kids Day gewonn.
- D'Nahima Durrer huet déi éischt Plaz am Championnat National de Kumite, am Small States of Europe Karate Championships zu Monaco an am Championnat National de Kata Team gewonn.

Am Handball:
- D'Joanne Rodesch spillt mat der Dammennationalekipp d'Qualifikatiounsronn vun der Europameeschterschaft an Zypern.

Am Billard:
- De Ramon Hamm huet Landesmeeschtertitel "Interclubs 3 bandes" gewonn.

Am Basket:
- De Lee Brosius, den an der Nationalekipp spillt.
- De Mathis Dieterlen, den och an der Nationalekipp spillt.

Am Reiden:
- D'Amalia Chaves huet zesumme mat sengem Päerd Carina déi éischt Platz a senger Alterskategorie an der WBO-CUP vun der Fédération luxembourgeoise des Sports Equestres gewonn.

Am Bou schéissen:
- D'Emma Grotz huet um *3D Championnat zu Diddeleng eng Goldmedaile gewonn.

















# SAMMELSTELL FIR GRÉNGSCHNËTT

## Wéi trennt ee richteg?

Op de lokale Sammelstelle gëtt de Gréngschnëtt an dräi Kategorie getrennt.
Hei drënner fannt Dir eng Lëscht vun den akzeptéierten Offäll fir all Kategorie:

### 1. Strauchschnëtt

- ✔ Kleng a grouss Äscht
- ✔ Äscht mat Blieder drun
- ✔ Heckeschnëtt
- ✘ Gras
- ✘ Buedem a Steng
- ✘ Lasse Blieder
- ✘ Onkraut
- ✘ Laang Grieser

### 2. Gaardenoffäll

- ✔ Gras mat Blieder
- ✔ Gras mat Onkraut
- ✔ Laang Grieser
- ✔ Gehäckselt Holz
- ✔ Dauerhaft-gréng Hecken
- ✔ Moos
- ✔ Blummen
- ✔ Blieder
- ✔ Mulch (vu privat Leit)
- ✔ Aner Planzenoffäll
- ✘ Buedem a Steng

### 3. Grasschnëtt

- ✔ Geméinte Gras
- ✘ Gras mat Buedem
- ✘ Gras mat Blieder
- ✘ Gras mat Onkraut
- ✘ Laang Grieser

**Net acceptéiert op der Sammelstell :**

✘

- Buedem / *muss als Bauschutt entsuergt ginn*
- Mulch vun ëffentleche Spillplazen / *muss als Sperrmüll entsuergt ginn*
- Seemiel / *muss als Sperrmüll entsuergt ginn*
- Wuerzelen / *Kontaktéiert w.e.g. de SIDEC*

**Wat geschitt mat ärem Gréngschnëtt?**
Mam Grasschnëtt gëtt an enger Biogasanlag Energie produzéiert.
Aus de Gaardenoffäll gëtt Kompost gemat an aus dem Strauchschnëtt gëtt Kompost a gehäckselt Holz gemat.

SIDEC

# AIRE DE COLLECTE POUR LES DECHETS VERTS

## Comment bien trier ?

Sur les aires de collecte locales, les déchets verts sont triés en trois catégories.
Trouvez ci-dessous la liste des déchets acceptés pour chaque catégorie :

### 1. Branchages

- ✔ Petites et grandes branches
- ✔ Branches avec des feuilles
- ✔ Taille de haies
- ✘ Gazon
- ✘ Terre et pierres
- ✘ Feuilles détachées
- ✘ Mauvaises herbes
- ✘ Herbes hautes

### 2. Déchets de jardin

- ✔ Gazon avec feuilles
- ✔ Gazon avec mauvaises herbes
- ✔ Herbes hautes
- ✔ Bois broyé
- ✔ Haies persistantes
- ✔ Mousse
- ✔ Fleurs
- ✔ Feuilles
- ✔ Mulch (provenant de particuliers)
- ✔ Autres déchets végétaux
- ✘ Terre et pierres

### 3. Tonte de gazon

- ✔ Tonte de gazon
- ✘ Gazon avec terre
- ✘ Gazon avec feuilles
- ✘ Gazon avec mauvaises herbes
- ✘ Herbes hautes

**Non acceptés sur l'aire de collecte :**

- Terre / *doit être déposée dans les déchets de construction*
- Mulch provenant des aires de jeux publiques / *doit être déposé dans les encombrants*
- Sciure / *doit être déposée dans les encombrants*
- Racines / *Veuillez contacter le SIDEC.*

**Que fait-on de vos déchets verts ?**
La tonte de gazon est utilisée pour produire de l'énergie dans une installation de biogaz. Les déchets de jardin sont transformés en compost et les branches en compost et en bois broyé.

SIDEC

# BIEN TRIER : MODE D'EMPLOI

Découvrez nos consignes de tri pour chacune de vos poubelles



## PAPIER & CARTON

**DÉCHETS ACCEPTÉS :**
- Journaux, magazines, livres
- Emballages en papier
- Cahiers et blocs-notes
- Papier d'écriture et d'impression
- Enveloppes en papier

**DÉCHETS NON ACCEPTÉS :**
- Papier très sale ou gras
- Emballages jetables avec revêtement plastique
- Emballages multicouches
- Cartons à boissons
- Papier peint
- Serviettes en papier et lingettes humides
- Polystyrène dans les boîtes en carton



## VERRE CREUX

**DÉCHETS ACCEPTÉS :**
- Bouteilles en verre (vides et sans bouchon)
- Récipients en verre (vides et sans couvercle)
- Bocaux en verre

**DÉCHETS NON ACCEPTÉS :**
- Porcelaine
- Céramique
- Fenêtres
- Miroirs
- Ampoules
- Lampes



## DÉCHETS ORGANIQUES

**DÉCHETS ACCEPTÉS :**
- Déchets de cuisine
- Restes de repas crus et cuits
- Déchets de jardin
- Sacs en papier et papier journal (uniquement comme sac poubelle pour les déchets organiques)

**DÉCHETS NON ACCEPTÉS :**
- Graisses et huiles
- Cendres et charbon
- Balayures et sacs d'aspirateur
- Emballages plastiques
- Mégots de cigarettes
- Litière pour chats
- Serviettes et mouchoirs en papier
- Couches bébé



## DÉCHETS MÉNAGERS

**DÉCHETS ACCEPTÉS :**
- Tous les déchets qui ne peuvent pas être collectés séparément et qui ne sont pas recyclables

**DÉCHETS NON ACCEPTÉS :**
- Déchets recyclables (papier, carton, verre, biodéchets, bois, etc.)
- Déchets électriques et électroniques
- Déchets de construction
- Déchets dangereux (bouteilles de gaz, médicaments, peintures, piles, etc.)

**Nos centres de ressources pour prolonger votre effort de tri :**

**43, Fridhaff,**
**L-9379 Diekirch**
**Tel.: 80 89 83 38**

**Mierscherbierg,**
**L-7526 Mersch**
**Tel.: 32 01 92**

**Rue de Niederpallen,**
**L-8506 Redange**
**Tel.: 26 62 09 13**

**4, op der Bréimicht,**
**L-9779 Lentzweiler**
**Tel.: 26 91 40 09**

**Suivez-nous pour découvrir nos services et activités !**

# Bongertplanzaktioun

**CYLCE 3.2** **26.03.2025 KÉIDÉNG**

Den 26. Mäerz 2025 hunn d'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul eis äifreg mat Spuet an Heel gehollef fir 20 nei Uebstbeem zu Kéidéng ze planzen. Dëst woren Moies de Cycle 3.2 matt de Joffere Mireille Garson a Jacquie Wagener déi sech där Saach bei beschte Planzwieder ugeholl hunn. Eise Schäfferot huet et sech net huele gelooss a wor och helefe komm fir déi Beem an de Buedem ze kréien. Mëttes dunn ass de Cycle 3.1 ugetruede matt de Joffere Manon Schmit a Katia Carvalho.

Nom ville Schaffe waren d'Kanner ëmmer gutt hongreg a kruten nach e Stéck Kuch deen den Här Pierre Elvinger, de Proprietär vun der Wiss, eis bake gelooss hat (ganz éisseg) an eppes ze drénke fir sech nees ze stäerken.







## CYCLE 4.2

## 03.04.2025 FËSCHBECH

Des Weideren hu mir den 03. Abrëll 2025 12 Äppelbeem am Groebësch zu Fëschbech matt Hëllef vun de Joffere Sarah Kolber an Emilie Schmit an hier Schoulkanner aus dem Cycle 4.2 geplanzt. D'Sarah hat eis e leckere Kuch gebak deen jidderengem gutt geschmaacht huet! No der Planzaktioun sinn d'Kanner nees mam Vëlo zeréck an d'Schoul gefuer.







D' Begeeschterung bei all de Kanner wor grouss, a si hu gutt matgeschafft. Mir soe villmools Merci fir d'Hëllef!

Wéi och schonn déi lescht Joren huet eis Gemeng e Budget vun 10.000 Euro fir 2025 gestëmmt fir Bongerteprojeten ze ënnerstëtzen. Dës Sue streckt d'Gemeng deemno vir, an da ginn duerno 70-75 % Subside vum Staat iwwert déi Biologesch Statioun vum Mëllerdall zeréckgefrot. De Rescht, also deemno déi aner 25-30 %, leet d'Gemeng bäi.





# Infoowend Solarenergie

**06.05.2025 KRUUCHTEN**

De 6. Mee 2025 huet d'Klima-Agence zesumme mat de Klimateams aus de Gemengen Noumer, Fëschbech a Fiels en Informatiounsowend zu Kruuchten organiséiert.

Mat dobäi war de Luss Brosius, Buergermeeschter aus der Gemeng Fëschbech, de Fielser Klimapaktschäffen Luc Jemming, an de Schäfferot aus der Gemeng Noumer, genee wéi d'Klimapaktberoder aus der Fiels, den Olivier Martin, a vu Fëschbech, d'Carine Kolber. Awer och Memberen aus de verschiddene Klimateams a vill interesséiert Bierger haten de Wee op Kruuchte fonnt.



D'Zil war et, d'Awunner iwwer d'Méiglechkeeten vum Solarstroum deelen z'informéieren a se ze motivéieren, aktiv dorunner deelzehuelen. Am Kader vun dësem Owend huet Sarah Daemen vun der Klima-Agence d'national Stroumdeelen-Initiativ presentéiert.

Si huet erkläert, wéi lokal produzéierte Stroum a verschiddene Radiusse gedeelt ka ginn – <100 Meter, <300 Meter oder regional/national. Dëst erlaabt eng flexibel Uwendung vum Modell, jee no Situatioun.

## PRODUZÉIEREN, DEELEN, PROFITÉIEREN

Verschidde Modeller vun Autoconsommatioun – individuell, kollektiv oder als Energiecommunautéit – erlaben et, d'elektresch Energie lokal ze produzéieren an tëscht de Bierger ze deelen.



D'Konzept vum Stroumdeelen ass flexibel a passt sech un déi verschidden Zorte vu Wunnformen un. Résidencen oder Nopeschgruppe kënne eng kollektiv Autoconsommatioun organiséieren. Fir méi grouss Gruppen, mat enger Distanz vu bis zu 300 Meter tëscht de Participanten, kënnen Energiecommunautéite gegrënnt ginn.

Dëst soll d'Bierger zesummebréngen an eng Win-win-Situatioun schafen:
- Produzente kréien e bessere Präis fir hire Stroum
- Konsumente bezuele manner wéi beim klassesche Fournisseur
- Et entstinn wirtschaftlech Virdeeler duerch d'Vermeidung vun Netzkäschten a Steieren

## FINANZIELL HËLLEFEN A KLIMABONUS

De Staat an d'Gemenge bidde Subventiounen un, fir d'Awunner bei hirem Energieprojet ze ënnerstëtzen. Bis zu 50 % vum Invest fir Photovoltaik-Installatioune kënnen iwwer de Klimabonus gedeckt ginn. Installatiounen am Modus Autoconsommatioun kënnen zousätzlech vun engem variable Rachat-Tarif profitéieren, wat d'Rentabilitéit weider erhéicht. Déi verschidden Subventiounen vun der Gemeng Fëschbech fann der op eisem Internetsite.

## DIGITALISÉIERUNG AN TRANSPARENZ

Mat digitale Plattforme wéi weshareenergy.lu a leneda.lu kënnen d'Bierger hir Energieflëss iwwerwaachen, deelen an analyséieren. D'Smarty-Ziler erméiglechen eng prezis Repartitioun vun der Energie op Basis vu Consommatiounsprofiller, wat fir eng transparent a gerecht Verdeelung suergt.

## WAT MUSS EE MAACHEN?

Fir beim Stroumdeele matzemaachen, muss eng Demande beim Gestionnaire de Réseau gestallt ginn. Duerno gëtt eng Konventioun mat de Participanten ënnerschriwwen an d'Detailer ginn definéiert. Optional kann eng Kooperativ oder eng ASBL gegrënnt ginn, fir d'Organisatioun ze vereinfachen. D'Klima-Agence bitt gratis Berodung per Telefon oder iwwer Visio un.

# Klimapaktdag

## KLIMAPAKTDAG 2025 -
## LËTZEBUERGER GEMENGE STÄERKEN HIERT ENGAGEMENT FIR D'KLIMA

**06.06.2025 DIDDELENG**



Op dem 13. Klimapaktdag hunn sech Gemengevertrieder, Partner an Experten zesummefonnt, fir konkret Léisungen ze diskutéieren, déi d'energeetesch Transitioun an de Klimaschutz op lokalem Niveau ënnerstëtzen. De Buergermeeschter a Klimapaktschäffen Lucien Brosius wor mam Jerry Kirtz an dem Michel Cames aus dem Klimapaktteam vun der Fëschber Gemeng zesumme mat de Kolleegen vum Noumer Klimapaktteam present.

De Minister Serge Wilmes huet betount, datt d'Gemengen eng Schlësselroll spillen, well si national Ziler a lokal Aktiounen ëmsetzen.

De Klimapaktdag zu Diddeleng war e konkret Beispill fir dës lokal Dynamik. Moies waren interaktiv Ateliere mat de Klima-Teams aus de verschiddene Gemengen. D'Theme waren:

- Smart Cities an digital Infrastrukturen
- Klimaneutral Gemeng bis 2050
- Energie-Suffizienz als Resilienzstrategie
- Effizienz bei kommunale Gebaier


Dës Atelieren hunn den Austausch vu Wëssen an Erfarunge geférdert an d'Gemengen dozou ugestëppelt, innovativ Approchen ze entwéckelen.



Am Nomëtteg waren d'Konferenzen um Site Op der Schmelz, enger aler industrieller Friche zu Diddeleng. De Proff. Lothar Eisenmann vun der Universitéit Heidelberg huet an engem Impulsvirtrag d'Kategoriséierung vun Treibhausgaser als analytesch Basis fir de Klimapakt virgestallt. De Minister Wilmes huet an enger Ried op zukünfteg Subsiden a geziilte Berodung beim Bau higewisen. Ausserdeem gouf den iwwerschaffte Subsideprogramm „Fonds climat et énergie" presentéiert, deen nei finanziell Instrumenter fir Gemengen a Privatleit bereetstellt.

Am Kader vum Klimapaktdag goufen 18 Gemenge fir hir Efforten zertifizéiert.

Zënter dem Start vum Klimapakt 2.0 am Joer 2021 hu scho 96 Gemengen eng Zertifizéierung kritt. Fir si op hirem Wee zur Klimaneutralitéit ze begleeden, gëtt eng strukturell, technesch a finanziell Ënnerstëtzung ugebueden. D'Klima-Agence huet eng kloer Methodologie virgestallt, déi de Gemenge bei der Ëmsetzung vu konkrete Moossnamen hëlleft.



# Naturpaktdag

**27.06.2025 MARNECH**

De Buergermeeschter an den Naturpakt-Schäffe vun der Gemeng Fëschbech waren op der drëtter Editioun vum nationalen Naturpakt-Dag, fir déi zweet Zertifikatioun, Bronze (50%), vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, dem Här Wilmes, perséinlech entgéintzehuelen. Eist Engagement als Gemeng zum Schutz vun der Natur gouf vum Minister a vun de Responsabele vum Ministère gelueft.




# Meien mam Päerd

**01.07.2025 KÉIDENG**

Am Kontext vum Naturpakt gouf den 1. Juli 2025 den alljärlechen Entretien laanscht d'Vëlospist (PC 5) vu Kéidéng bis bei d'Supp, fir d'éischt Kéier mat Hëllef vun engem Päerd mat engem Mähbalkenunhänger duerchgefouert. De Gemengenaarbechter e grousse Merci fir hir Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung vun dëser Mesür, déi ganz am Sënn vum Erhalt vun der Biodiversitéit steet.



## Vous avez trop de fruits dans votre verger ?

## Vous cherchez des fruits locaux mais ne savez pas où en trouver ?

# KIERFCHEN.LU

## LA PLATEFORME INTERACTIVE DES FANS DE VERGERS

**kierfchen.lu** met en relation les personnes qui proposent et celles qui cherchent – rapidement, facilement et gratuitement. Trouvez aussi des produits régionaux, des emplacements pour ruches, des terrains à louer ou du matériel de récolte.




kierfchen.lu

*Contribuez à préserver nos vergers riches en biodiversité – en tant que cueilleur, éleveur, consommateur ou producteur.*

Avec le soutien du Natur- & Geopark Mëllerdall et du Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité.

Naturpark Mëllerdall Geopark · unesco Global Geopark · LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité · NATURPARK ÖEWERSAUER · NaturparkOUR · SIAS · SICONA Naturschutzsyndikat

# École du Goût

Die École du Goût ist ein interdisziplinäres Projekt im Bereich der Ernährungs- und Verbraucherbildung, das Menschen aller Altersgruppen den Zugang zu einer gesundheitsfördernden und nachhaltigen Esskultur ermöglicht. Besonderer Wert wird dabei auf die Verwendung saisonaler und regionaler Produkte gelegt. Die École du Goût ist ein gemeinsames Projekt der drei luxemburgischen Naturparke. Weitere Informationen finden Sie unter ecoledugout.lu.

L'École du Goût est une initiative interdisciplinaire axée sur l'éducation alimentaire et la sensibilisation des consommateurs, offrant à tous les âges la possibilité d'accéder à une culture alimentaire saine et durable. Le projet met particulièrement l'accent sur l'utilisation de produits saisonniers et locaux. L'École du Goût est le fruit d'une collaboration entre les trois parcs naturels du Luxembourg. Pour en savoir plus, visitez notre site web : ecoledugout.lu.

## KÜRBISSE: SORTEN, GESCHMACK & VERWENDUNG

Mit dem Herbst beginnt die Hochsaison für Kürbisse. Von den weltweit über achthundert Sorten sind jedoch nur einige für den Verzehr geeignet. Sie unterscheiden sich deutlich in Farbe, Form, Geschmack, Textur und Einsatzmöglichkeiten in der Küche. Zierkürbisse hingegen sind meist klein, auffällig geformt und schmecken unangenehm bitter. Grund dafür ist der Bitterstoff Cucurbitacin. Er ist giftig und kann bei Verzehr zu schweren Magen- und Darmbeschwerden führen.

**Gesund & vielseitig**
Kürbis ist ein besonders kalorienarmes Gemüse, das viel Wasser und dennoch wertvolle Nährstoffe, darunter vor allem Beta-Carotin, Kalium und Ballaststoffe, enthält. Damit unterstützt er die Gesundheit auf vielfältige Weise, etwa die Sehkraft, das Immunsystem, die Regulierung des Blutdrucks und die Verdauung.

**Beliebte Speisekürbisse im Überblick**
**Hokkaido-Kürbis**
Der Hokkaido zählt zu den beliebtesten Speisekürbissen. Er hat einen nussartigen Geschmack, seine Schale wird beim Garen weich und er muss nicht geschält werden. Das macht ihn besonders praktisch für die schnelle Alltagsküche.
Verwendung: Suppen, Eintöpfe, Ofengerichte, Pürees.



**Butternut-Kürbis**
Er ist birnenförmig mit glatter, blassgelber Schale. Sein orangefarbenes Fruchtfleisch ist cremig und mild, mit einer leicht buttrigen Note.
Verwendung: Ofengemüse, Suppen und Currys, aber auch in süßen Rezepten wie Waffeln oder Kuchen.

**Muskatkürbis**
Dieser gerippte Kürbis hat meist eine dunkelgrüne, manchmal auch eine bräunliche Schale und ein intensives, fruchtig-würziges Aroma mit einer feinen Muskatnote.
Verwendung: Suppen, Gratins, Chutneys, sogar Konfitüren.

**Spaghettikürbis**
Einzigartig unter den Kürbissen: Das gegarte Fruchtfleisch zerfällt in Spaghetti-ähnliche Fasern. Sein Geschmack ist mild, mit leichtem Nussaroma.
Verwendung: Als Alternative zu Pasta: einfach halbieren, backen oder dämpfen, Fruchtfleisch auskratzen und mit Sauce servieren.

Ob herzhaft oder süß – Kürbisse sind vielseitig, gesund und regional verfügbar. Besonders Hokkaido- und Muskatkürbisse gedeihen gut in Mitteleuropa. Wer saisonal einkauft, genießt nicht nur frisch, sondern auch nachhaltig.

naturpark.lu
Öewersauer • Our • Mëllerdall

École du Goût

# Kürbisflammkuchen



**Zutatenliste für 4 Portionen**

**Teig:**

| | |
|---|---|
| 150 ml | Wasser |
| 150 g | Weizenmehl |
| 150 g | Dinkelvollkornmehl |
| 1 | Prise Salz |
| 2,5 EL | Rapsöl |

**Belag:**

| | |
|---|---|
| 350 g | Hokkaido-Kürbis-Fruchtfleisch |
| 2 | rote Zwiebel |
| 125 g | Speisequark |
| 125 g | Crème fraîche |
| 200 g | Ziegenfrischkäse (oder Feta) |
| 1 | Prise Muskatnuss |
| 2 EL | Thymian oder gehackte Petersilie |
| 1 EL | Walnüsse, grob gehackt |
| 2 EL | Kürbiskernöl oder Honig (optional) |
| | Pfeffer, Salz und Petersilie |

**Zubereitung**

Für den Teig alle Zutaten miteinander vermengen und schnell verarbeiten. Den Teig so lange kneten, bis er glatt und elastisch ist. Etwa 10 Minuten abgedeckt bei Zimmertemperatur ruhen lassen.

Den Teig vierteln, mit den Händen jedes Teigstück noch einmal durchkneten und eine Kugel formen. Abgedeckt bei Zimmertemperatur nochmals 30-45 Minuten ruhen lassen.

Den Speisequark mit der Crème fraîche glattrühren. Mit Salz, Pfeffer und Muskatnuss würzen.
Die Zwiebel abziehen, halbieren und in feine Streifen schneiden.
Den Kürbis halbieren, entkernen und in sehr dünne (2 mm) Spalten schneiden.

Backofen auf 220°C Umluft (250°C Ober/Unterhitze) vorheizen.
Den Teig auf einer leicht bemehlten Arbeitsfläche in 4 hauchdünne Fladen ausrollen.

Die Fladen mit je 3 EL Quarkmasse bestreichen und jeweils eine Portion Zwiebel und Kürbis dekorativ darauf verteilen. Den Käse zerkleinern und darauf streuen.
Die Flammkuchen 12-15 Minuten backen.

Flammkuchen vor dem Servierern mit Walnüssen dekorieren.
Je nach Geschmack, mit Kürbiskernöl oder Honig garnieren.

*.- Mit einem frischen Salat reichen*

naturpark.lu
Öewersauer • Our • Mëllerdall

École du Goût

# Beetebuerger Park

Den 4. Juni waren d'Précocekanner an de Beetebuerger Park. Bei schéinem Wieder hu mir e flotten Dag zesumme verbruecht. Als Ofschloss gouf et och nach eng gutt Glace.





# Ausfluch op de Bauerenhaff

Den 12. Juni waren d'Spillschoulskanner aus der Angsber Schoul op Besuch zu Waldbëlleg bei der Joffer Catalina um Bauerenhaff. Hei hunn si gutt matgehollef a vill Déiere kenne geléiert. Si konnte Kéi, Hinger, Iesel a Ponye fidderen, Kanéngercher a Mierschwéngercher heemelen a flott dobausse spillen.









# Coupe scolaire

Och dëst Joer hu mir an der Angsber Schoul erëm eng Coupe Scolaire organiséiert. Niewent enger theoretescher Preparatioun zur Sécherheet am Stroosseverkéier mat engem Examen, hunn d'Kanner hir Fertegkeeten an hir Agilitéit um Vëlo bei engem Geschécklechkeetsparcours am Schoulhaff ënner Beweis misse stellen. Bei waarmen Temperaturen ass dunn déi eigentlech Coupe Scolaire am reelle Stroosseverkéier lassgaang.

Op dëser Plaz wëlle mir gären deene Fräiwëllegen, déi als Streckeposten fungéiert hunn, Merci soen. Et war dëst Joer net einfach, fir genuch Benevollen ze fannen. Ëmsou méi frou ware mir, Leit aus ganz ënnerschiddleche Beräicher ze fannen: Elteren, Maison Relais, Elterevereenegung, Awunner aus der Gemeng, al Kolleegen, Leit aus dem Schäfferot.

Si hunn dofir gesuergt, datt eis Schüler*innen sécher ënnerwee waren.

Ee grousse Merci och un eis Gemeng, déi eis net nëmmen am Virfeld mat hirem Personal a Material ënnerstëtzt huet, mee och finanziell fir eist leiflecht Wuel mat Gegrills a Gedrénks a fir ee flotte Moment no der Fürerschäiniwwerreeschung gesuergt huet.

De Louis Vaessen huet eis uschléissend bei der nationaler Coupe Scolaire vertrueden.







# Misärshaff

Den 25. Juni sinn d'Kanner aus dem Cycle 1 mam Bus op de Misärshaff um Stau gefuer. Hei hunn si ee flotten Trëppeltour mat klengen Naturaktivitéiten a spannend Spiller ronderëm d'Thema Biber gemaach. Souguer eng richteg Biber-Buerg konnten si kucke goen. Mëttes gouf et bei schéinstem Wieder ee leckere Picknick.













# Bësch

All Woch ginn d'Kanner aus dem Précoce an de Bësch. Hei gëtt et vill ze entdecken an ze erliewen.








# Spendelaf ronderëm d'Schoul

Zum Schluss vun hirer Schoulzäit an der Angsber Schoul huet de Cycle 4.2 ee Spendelaf ronderëm d' Schoul organiséiert. Zesummen hunn d'Kanner decidéiert, datt si gären d'Fondatioun Kriibskrank Kanner ënnerstëtzen, déi säit 35 Joer d'Familljе vu kriibskranke Kanner ënnerstëtzt.

All d'Schoulkanner si wärend enger hallwer Stonn fir de gudden Zweck ronderëm d'Schoul gelaf an hunn sou iwwert hir Sponsore Sue gesammelt. Insgesamt sinn esou 6680 Euro zesummekomm! Ee risege Merci un all d'Kanner an hir d'Ënnerstëtzer!











# Schouljoer 2025 – 2026

## CYCLE 1.0 (PRÉCOCE)



## CYCLE 1.1 + 1.2



## CYCLE 1.1 + 1.2




## CYCLE 2 (CLASSE MIXTE)





## CYCLE 2.1



## CYCLE 3 (CLASSE MIXTE)



## CYCLE 3.1



## CYCLE 3.2





## CYCLE 4.1



## CYCLE 4.2



# Waasserspillplaz



Den 1. Juli konnte mir eis Waasserspillplaz offiziell zesumme mat de Kanner aweien. Der Gemeng wëlle mir e grousse Merci ausdrécken datt si se fir eis opgebaut hunn. Dir hutt de Kanner domadder eng riese Freet gemaach an e Laachen an d'Gesiicht gezaubert. Soumat konnte mir nach gutt vun de waarme Summerdeeg mat enger Ofkillung profitéieren.



# Summerfest

Wéi all Joer, hu mir eis traditionellt Summerfest organiséiert. Fir dass d'Elteren e gewëssenen Abléck an de Crechenalldaag kréien, hu mir de Gaart mat verschiddenen Spilllandschaften opgeriicht. Dës hu mir un den Interesse vun de Kanner ugepasst. Mat dobäi waren z.b. Inteféschen, am Sand schëppen an transportéieren a mam Waasser a Sand op der Waasserspillplaz matschen. An Zesummenaarbecht mat den Elteren, déi eis erëm lecker Snacks a verschidden traditionell Molzechten matbruecht hunn, konnte mir e flotten Nomëtten bei engem gudde Maufel an engem kille Gedrénks zesumme verbréngen.



# Ausfluch Robbescheier

Fir den Ofschlossausfluch fir d'Précocekanner hu mir d'Eltere matentscheede gelooss. D'Entscheedung war kloer. D'Robbescheier. Mam Bummelbus si mir rop an den Norde gefuer fir kënnen e flotten Dag mat de Kanner ze verbréngen.

Moies konnten d'Kanner um Iesel Billy reiden an duerno si mer nach en Tours mat der Päerdskutsch mat de Päerd Mira a Luna gefuer. Als kleng Stäerkung gouf et Mëttes eng lecker Spaghetti Bolognese. Fir sech nach bëssen auszetoben, konnten d'Kanner mëttes vun der flotter Spillplaz profitéieren.





# Strooss duerch de Gaart vir d'Bobbycaren

Fir de Gaart nach ze erweideren, nieft de Waasserspillplaz, ass d'Iddi opkomm, eng Strooss fir d'Bobbycaren duerch den hallwe Gaart ze bauen. Perfekt! D'Bobbycare sinn nämlech och ëmmer ganz beléift bei de Kanner. Den 22. Juli gouf d'Strooss vun de Kanner ageweit.



**Jennifer Rodrigues Ventura**

# Een Tour duerch Fëschbech + Fëschen

Den 22. August si mir mat engem Grupp Kanner mam ëffentleche Bus op Fëschbech gefuer. Do ukomm, si mir een Tour duerch de Bësch getrëppelt. Een Deel vum Grupp ass de ganzen Tour vum 2. Deel vum alen Autopedestre getrëppelt. Den anere Grupp vu Kanner ass du scho rëm Richtung Weiere getrëppelt an hunn do op enger Wiss Spiller gemaach.

Fir d'Mëttegiessen si mir all zesummekomm an hunn eis eise Picknick schmaache gelooss. Nom Mëttegiesse stoung eng kleng Iwwerraschung um Programm: Fëschen um Weier.

Mir hunn eis a kleng Gruppe gedeelt. Eng Grupp no där anerer ass mat Begleedung bei de Weier fësche gaang. D'Kanner krute gewisen, wéi mir mat Beienlarven d'Fësch ulackelen a wéi d'Aangel ageworf gëtt. Jiddereen hat Méiglechkeet eng Kéier d'Fëscheraangel selwer unzehalen. Bei 2 Kanner huet ee Fësch ugebass, sou dat mir och net mat eidelen Hänn heem gaang sinn.

Déi aner Gruppen hu wärend där Zäit ee Gänsespill gemaach an hu vill flott Froen iwwert eis Gemeng beäntwert.

Als Ofschloss vum Dag hu mir eis eng Glace um Weier gegënnt.

Nom Botze vun de Fësch hu mir se agefruer, fir se Méindes duerno kennen um Feier ze broden. Mam Stéckbrout dobäi hu mir eis de Fësch mat bëssen Zitroun schmaache gelooss.

Sabrina Schröder









## BERICHT VUM DAG VUM MARTIM

Moie main Numm ass Martim, an ech sinn den 22. August 2025 mat fësche gaangen.

Et huet mir zimmlech gutt gefall, well dat huet mech u meng al Zäiten erënnert. An et war och eng super Erfarung fëschen ze goe mat der Maison Relais bei de Kueben.

De Freiden si mir fësche gaangen, an eist Ziel war jo Fësch ze fëschen. Awer vläicht war main Ziel en anert.

Ech hunn den Dag leider kee Fësch gefaang, awer ech hunn de Bam gefëscht.

An zwar wollt ech meng Aangel a Richtung Waasser schéissen an dunn ass se leider hannert mir um Bam hänke bliwwen. An ech mengen dat war main Fang vum Dach.

An dunn hu mir probéiert den Nylon erof ze huelen, awer leider krute mir et net hin an ech hu misste fir eng nei Aangel froe goen. Zum Schluss hat ech kee Fësch gefaang awer e Bam.

# Summeraktiviteiten Cycle 2-4

Wei all Joer goufen an den Summeraktivitéiten flott an ofwiesslungsräich Aktivitéiten ugebueden.

Wat war dëst Joer aneschtes wei t'lescht Joer?

D'Kanner hate Méiglechkeet sech den Dag selwer ze entscheede bei wat fir Aktivitéiten si wëllen deelhuelen a konnten sech uschléissend aschreiwen.

Et goufe sportlech a kreativ Angeboter ugebueden.

Kanner hate Spaass op der **Vëlostour** déi de ganzen Dag stattfonnt huet.

Fir den Dag voller Elan a fit unzefänken, gouf e **groussen Tour duerch Angelsbierg** ugebueden. Als Ofschloss gouf et ee selwer gemaachte Smoothie.

Am **Park Housen** hu Kanner de ganzen Dag an der Natur verbruecht. Mëttesiesse gouf um Feier gekacht a fir ofwiesslungsräich Aktivitéite gouf och gesuergt.

Beim Linoldrock hate Kanner Méiglechkeet eng nei Technik kennenzeléieren a konnten hirer Kreativitéit freie Laf loossen,

Dëst konnten si och bei enger **Danzopféierung** beweisen. Kanner hunn sech zesummen een Thema ausgeduecht wat si duerch een Danz zum Ausdrock bruecht huet.

Ob eisem Ofschlossfest vun de Summeraktivitéite konnten d'Elteren **„Café du Monde“** besiche kommen.

Dëse pädagogesche Café gouf vu Kanner selwer geréiert: Si hu Rezepter aus verschidde Länner preparéiert an déi uschléissend den Eltere serveiert.

Niewebäi goufe Familienspiller ugebueden.

D'Elteren hu matgemaach a selwer gebaken a gekachte Spezialitéiten aus hirem Land matbruecht a mir soen hinne Merci fir hier Hëllef.

Alexandra Simon







ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

39
















CAFÉ



# Natur pur

Am Summer hu mir eis mat de Kanner vum Cycle 1 mam Thema „Natur pur“ beschäftegt.

E puer flott Aktivitéite mat interessanten Theme stoungen um Programm.

Mir hunn um Feier gekacht, mir ware kreativ mat Naturmaterialien, waren op e puer flott Ausflich wéi op de Gaalgebierg op Esch, an de Bësch an op Noumer an de Mëllerdall.

Zum Schluss vun deenen 3 Wochen hunn d'Kanner mat hire Famillen eng schéin Zäit zesummen op eisem „Café du monde“ verbruecht.

Sabrina Del Degan








# Projet « EmotionenExpress »

D'Julie, d'Anna, den Daniel, d'Lena, d'Nellie an de Miro aus dem C4 hu sech fir dëst Joer erëm kreativ a kënschtleresch ausgedréckt. Zesumme mat der Educatrice Anne Schmit hunn si en Optrëtt mat Theater an Danz iwwert d'Thema „Emotioune vum Mënsch" entwéckelt.

Si hunn sech fir den Titel **„EmotionenExpress (ed)"** entscheet, deen zwou Bedeitungen dréit: „Emotionenexpress" ass wéi een „Zuch", deen de Publikum duerch d'Welt vun den Emotiounen féiert. Déi zweet Bedeitung „Emotionen expressed" wéist doropshin, datt déi sechs Künstler op der Bün déi verschidde Gefiller duerch Danz (Motorik), Theater (verbal an net-verbal) esou wéi duerch präzis ausgewielte Musik/Ambiancen a Sounds duerstellen.

Fir unzefänken hunn si mol zesummen iwwerluecht wat iwwerhaapt dem Mënsch seng Haaptemotiounen sinn. Si hunn sech dozou entscheet d'Freed, d'Trauregkeet, d'Angscht, d'Roserei an den Optimismus ze thematiséieren.



Duerch gezielten Diskussiounen vun de verschiddenen Szenen hunn si festgestallt, dass vill Emotiounen gutt sinn an schéi Momenter an beräicherend Erfarungen am Liewe bréngen, deelweis awer och e Mënsch blockéiere kënnen oder Zerstéierung an Leed bréngen. Duerch déi Feststellung hunn si doropshin de Message zu hirem Optrëtt fonnt : De Mënsch soll sech senger Gefiller ëmmer bewosst sinn an dono entscheeden, wat hie mat deem Gefill mécht.

D'Intro weist de Mënsch, dee vill verschidde Gedanken an sengem Kapp huet. Hien ass iwwerfuerdert vun all deem. Hien hëlt sech schliisslech bewosst Zäit fir iwwert déi vereenzelt Gefiller ze reflektéieren.

**Freed:** D'Anna stellt eng Szene duer an där hatt sech richteg freet mat senge Kolleegen op ee Concert ze goen. An enger vun him ausgeduechte Choreographie déi puer Freed a gutt Laun symboliséiert mécht hatt sech prett fir op säin Treffen.

**Angscht:** D'Julie wéist eng méi düster Choreographie an där hatt mat enger Prüfungsangscht ze kämpfen huet a schlussendlech aus der Situatioun fortleeft.

**Optimismus:** D'Nellie hëlt de Publikum matt a seng Welt, wou hatt dem Publikum seng selwer gebastelt Plakater mat motivéierenden Gedanken fir d'Liewe präsentéiert.

**Roserei:** Den Daniel an de Miro weisen d'Facette vun der Roserei. Dobäi deelen si dem Publikum eng wichteg Erkenntnis matt : „Roserei mécht , dass mir Grenze setze fir eis selwer oder fir anerer ze schützen. Op der aner Säit: wann een ze vill Roserei a sech huet an déi falsch uwent, kann dat schlëmm Konsequenzen hunn. Gewalt ass keng Léisung! Et soll een d'Kraaft vun der Roserei huelen an domadder probéieren sech Hëllef ze huelen an eppes Positives opzebauen.

**Trauregkeet:** D'Lena danzt dozou eng passend Choreographie. Hatt wéist, wéi ee sech bei Ausgrenzung fillt.

**D'Finale:** Nodeems de Mënsch sech mat deene verschiddenen Emotiounen befaasst huet , fënnt hien sech erëm a senger „Mëtt" a fillt sech mat sengen Emotiounen als e Ganzt an am Einklang mat sech selwer.



# Ludotheik

Eis SEAS huet um Pilotprojet „Eng Ludothéik a menger SEAS" (Maison Relais) vum Bildungsministère deelgeholl.

Am Kader vun der Campagne "Screen-Life-Balance" entdecken d'Kanner, datt Gesellschaftsspiller eng flott Méiglechkeet sinn, fir zesummen Zäit ze verbréngen a Spaass ze hunn.

Mir kruten eng Auswiel vu 14 Spiller zur Verfügung gestallt fir eis Ludothéik ze fëllen.

Am Agangsberäich vun der Maison Relais an der Schoul Cycle 1 hu mir mat eiser Ludothéik gestart. No logistesche Problemer hu mir eis awer eng nei Plaz um éischte Stack vun der Maison Relais fest ageriicht.

Eis Ludothéik krut den Numm „Kuebespillkëscht". Passend zum Numm ass och ee Logo entstan. Dëse Logo baséiert op der Iddi vum Larissa aus dem Cycle 4.2.

Eppes ass ganz besonnesch: D'Kanner verwalten d'Ludothéik nämlech selwer. Dëse Grupp vu Kanner, genannt Kuebespillkëscht-STAFF huet eis Spiller am Virfeld kennegeléiert fir des dann och mat deenen aner Kanner ze spillen. Si këmmeren sech ëm d'Reservatiounen, organiséiere Spillmomenter am Cycle 1, kontrolléieren d'Spiller – a virun allem spillen si zesumme mat anere Kanner a weisen Elteren, wéi schéin et ass, zesummen ze spillen.

Am Alldag vun der Maison Relais hu mir eis nei Spiller scho reegelméisseg gespillt, sief dat moies am Accueil oder och am Nomëtteg. Bei guddem Wierder hu mir d'Spiller einfach mat rausgeholl a konnte beim Spille vun de Gesellschaftsspiller vun der Sonn profitéieren.

Déi Woch virun der Ouschtervakanz ass d'Personal vun der Maison Relais an déi eenzel Schoulklasse gaang fir jeeweils 2 Spiller vun eiser Ludothéik virzestellen an dann och zesummen ze spillen. No der Vakanz war et dunn souwäit an d'Spiller konnte vun de Familllen ausgeléint ginn.

Op eisem Elterenowend am Kader vun der Semaine de l'enfance, den 22. Mee, ass eis Ludothéik a Presenz vu Representante vun der Gemeng, dem Roude Kräiz an der Schouldirektioun offiziell ageweit ginn.

Nom Summer waarden och nei Spiller an der Ludothéik.



## MY GOLDMINE XXL

An der Kuebespillkëscht gëtt "My Goldmine" zimmlech oft gefrot a gespillt - doropshin ass d'Iddi opkomm fir d'Spill an XXL-Gréisst ze bauen.

Mat vill Fantasie an Teamgeescht goufen d'Kaarte gemoolt, d'Figure gebastelt an d'Spill zesummen ausprobéiert.

Dat huet mega Spaass gemaach an et fërdert d'Kreativitéit, d'Zesummeschaffen an d'sozial Kompetenzen. D'Kanner léieren, wéi een openeen agëtt, zesumme Léisunge fënnt a sech géigesäiteg hëlleft.

Eisen XXL-Projet weist: Mat Spill a Freed kann een zesumme grouss Saache maachen!

Ëffnungszäit vun eiser Kubenspillkëscht:

Méindes bis Freides vu 7:00-7:45 an 12:30-18:00 Auer

Du wëlls och matmaachen? Dann komm einfach eng Kéier an der Maison Relais laanscht an ënnerschreiw zesumme mat dengen Elteren eis Charta. Duerno kanns du lasslëen an dir vun eiser flotter Auswiel u Spiller, ee Spill fir doheem ausléinen. Mir freeën eis op ären Besuch an eiser Kuebenspillkëscht.

Sabrina Schröder







# 1. Meefeier

## WIICHTELCHER — 01.05.2025 SCHOUS

Den 1. Mee haten d'Wiichtelcher vu Schous moies hir Generalversammlung op der Héicht. Virdru ware mir ee Meekranz maachen.

Mëttes hu mir gutt zesumme gegrillt mat Zaloten, Dessert an engem gudde Patt bei herrlechem Wieder.

Sekretär Guy Streff



## CLUB DES JEUNES — 01.05.2025 FËSCHBECH





SPUERVERÄIN **01.05.2025 ANGELSBIERG**





# Generalversammlung

## SPUERVERÄIN „EN APEL FIR DEN DUSCHT" 05.05.2025 SCHOUS

Den 5. Mee 2025 huet eise Spuerveräin „En Apel fir den Duscht" seng alljärlech Generalversammlung „op der Héicht" ofgehalen.

No der Begréissung duerch de President Roger Kolber, ass den Tätigskeetbericht virgedroe gi vun der Sekretärin Marie-Louise Haas. Eise Keessier Nico Spiewak huet Finanzen duergeluecht, déi vun de Caisserevisore fir richteg an exakt fonnt. No der fréier Ausssprooch war natierlech fir Iessen an Drénke beschtens gesuergt.

Sekretärin Marie-Louise Haas-Erpelding



# 50 Joer Spuerveräin

## 50 JOER SPUERVERÄIN „EN APEL FIR DEN DUSCHT“ 18.05.2025 SCHOUS

Den 13. Mee 1975 ass eise Veräin am „Café beim Amelie“ zu Angelsbierg gegrënnt ginn. Mir hunn also eisen „Cinquantenaire“ gefeiert an zwar den 18. Mee 2025 „op der Héicht“.

No enger feierlecher Mass zu Fëschbech fir all lieweg a verstuerwe Memberen, hate mir e gudde Menu zerwéiert kritt an zwar vum Restaurant Steinmetz.

No der Begréissung vum President Roger Kolber an dem Buergermeeschter Luss Brosius, huet d'Sekretärin Marie-Louise Haas e klengen Detail virgedroe vun deene leschten 10 Joer Spuerveräin.

Sou séier vergeet d'Zeit a mir hoffen dass et mat eisem Veräin nach e bëssche weidergeet!

Sekretärin Marie-Louise Haas-Erpelding









# Oppe Kierchen a Concert

## CHORALE FËSCHBECH-ANGELSBIER-SCHOUS

## 01.06.25 FËSCHBECH

Sonndes den 1. Juni haten d'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous an d'Kommissioun vum Zesummeliewen op e Concert Uergel a Klarinett an déi Fëschber Kierch invitéiert. De gutt besichte Concert wor am Kader vum Weekend vun den oppene Kierchen organiséiert ginn. Ziel vun dësem Weekend ass et dem Public de grousse Patrimoine an a ronderëm d'Kierchen ze weisen. Dëst Joer huet sech alles ëm d'Spuere vun den Adelegen an eise Kierchen gedréint, en Thema zu deem eis Fëschber Kierch vill z'erzielen huet.

Den Organist, Robert Depta a seng Madamm d'Jeanne Dondlinger hunn e flotten an ofwiesslungsräiche Museksprogramm zesummegestallt a presentéiert. Dat eent oder anert Stéck, dat zum Thema gepasst huet, ass extra fir dës Geleeënheet nei arrangéiert ginn an déi zwee Instrumentalisten hunn déi gespillte Wierker gekonnt an de Kontext gesat. Tëscht de Musekswierker huet d'Chantal Conrad Erklärungen zu der Kierch ginn an huet op d'Spuere vun den Adelegen an Herrschaften an der Fëschbecher Kierch opmierksam gemaach.

Nom Concert huet d'Gemeng op e Patt am Gemengenhaus invitéiert.









# Fëschber Nopeschfest

**28.06.2025 FËSCHBECH**














# Feierläscherapéro

**AMICALE VUN DE POMPJEEËN GEMENG FËSCHBECH** **06.07.2025 SCHOUS**

D'Amicale vun de Pompjeeë Gemeng Fëschbech hat Sonndes, de 6. Juli op e Feierläscherapero an d'Veräinshaus invitéiert. Niewent der Méiglechkeet, zesumme mat Kolleegen en Aperitif ze genéissen, hate vill Awunner vun der Geleeënheet profitéiert, hir Feierläscher ofzeginn, déi dann den Dag drop vun enger agreéierter Firma kontrolléiert goufen. Si haten awer och d'Méiglechkeet en neie Feierläscher ze bestellen, deen si dann Heem geliwwert kruten. Virum Veräinshaus war e Feiertraining opgeriicht ginn, wou d'Leit den Ëmgang mat engem Feierläscher bei engem richtege Feier übe konnten.

D'Pompjeeë vum CIS Fëschbech haten dee Mueren hir lescht Übung virun der grousser Vakanz. Zesumme mat de Pompjeeskomerode vun Noumer gouf a verschiddenen Atelieren hiert Fachwëssen opgefrëscht. Duerno huet een sech nach zesumme beim Aperitif getraff, ier et Heem op d'Mëttegiesse gaangen ass.





# Schoulfest

**APEF**

**11.07.2025 SCHOUS**















# Trëppeltour

**WIICHTELCHER** **13.07.2025 SCHOUS**

Den 13. Juli waren d'Wiichtelcher vu Schous op hiren alljärlechen Trëppeltour. Dëst Joer ware mir op Lëntgen a sinn do den LI2 op enger Längt vun 8 km duerch Bierg an Dall gaangen.

Nom ville Getrëppels si mir zesummen an de Restaurant op der Gare zu Lëntgen gutt iesse gaangen. Wéi et sech gehéiert huet och hei deen een oder anere Patt net gefeelt.

Sekretär Guy Streff





# Parfest Chorale

**CHORALE FËSCHBECH-ANGELSBIERG-SCHOOS** **20.07.2025 SCHOUS**

Chorale huet dëst Joer den 20. Juli op hiert Parfest agelueden.

Mass ass dëst Joer zu Fëschbech vun der Chorale Ste-Cécile vun Eschdöerf gesonge ginn.

Och dëst Joer war de Festsall op der Héicht gutt gefëllt.

Vun No a Weit si Leit komm fir sech t'Menuen, déi vun de Memberen vun der Chorale preparéiert goufen, gutt schmaachen ze loossen.

Merci soe mir all deene Benevollen déi eis wéi all Joer ënnerstëtzt hunn.

En Deel vum Erléis geet dëst Joer un ALA, d'lëtzebuerger Alzheimer Associatioun an un de Kierchefong vun der Gemeng Fëschbech.

René Huet











# Afterwork

**CDJ ANGELSBIERG** **25.07.2025 SCHOUS**

Elo Ënn Juli hat de Club de Club des Jeunes Angelsbierg hiren éischten Afterwork organiséiert. Mir wëllen op dëser Platz all deene Merci soen, déi zu Erfolleg vum Event béi gedroen hunn. Op der Fouer an um Partybus preparéiere mir eis op eis nächst Eventer, déi elo ustinn. Dëst sinn, wéi all Joer d'Chrëschtbëemecher ausdeelen, an de Kleeschen op senger Rees duerch d' Gemeng begleeden. An natierlech, Fuesfréides, um gewinnten Datum eisen Hexebal.

Pitt Kirtz





# D'HEINZELMÄNNERCHER

## Äre Service de Proximité

## *Offre spéciale automne / Herbstangebot*

*Associatioun fir d'Erëm-Aféierung vun Demandeurs d'emploi an de Beruff an an d'Gesellschaft.*

*Déngschtleeschter vu klengen Aarbechte fir eeler Leit ab 60 Joer oder Hëllefsbedierfteger.*

### *Nous offrons :*

**Travaux de jardinage**

Ramassage des feuilles mortes, plantations, repiquage, taille des haies, préparation du jardin pour l'hiver.

**Interventions en sanitaire**

Déboucher un siphon, réparer un robinet qui fuit, etc.

**Travaux de bricolage**

**Petites réparations :** réparer la courroie d'un volet, changer une serrure ou une ampoule, etc.

**Petites rénovations :** peinture, tapisserie, menuiserie, carrelage, etc.

### *Wir bieten an:*

**Gartenarbeiten**

Welke Blätter zusammenfegen, pflanzen und umpflanzen, Hecken schneiden, Garten für den Winter vorbereiten.

**Sanitärarbeiten**

Abflüsse freimachen, tropfende Wasserhähne reparieren usw.

**Instandsetzungsarbeiten**

**Kleine Reparaturen:** Rollladen-reparatur, Austausch von Schlössern oder Glühbirnen usw.

**Ausbesserungsarbeiten:** anstreichen, tapezieren, Schreinerarbeiten, Fliesen auswechseln usw.

**Tarif TTC | inkl. MwSt: 20 €** par heure et salarié | pro Stunde
**9 €** par heure et machine | pro Stunde & Maschine

# TÉL.: 28 80 80

CIGR Mëllerdall
Centre d'Initiative et de Gestion Régional

**CIGR Mëllerdall Association sans but lucratif**
Siège social : 76, route de Consdorf L-6551 Berdorf
RCS : F8901 | N° de matricule : 2011610304599
mellerdall@cig.lu | **mellerdall.cig.lu**

Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg
Ministère du Travail




**A D M I N I S T R A T I O N**
**COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Tous les matins de 08h30 à 11h30**
**et les jeudis aussi de 14h00 à 18h00**
**les autres midis : uniquement sur rendez-vous**
**Tél: 32 70 84 - 1**
**E-Mail : commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**
collège@acfischbach.lu
Bourgmestre : Luss BROSIUS 32 70 84 - 24
luss.brosius@acfischbach.lu
1. Échevin : Daniel MOURA
dan.moura@acfischbach.lu
2. Échevin : Laurent SCHILTZ
laurent.schiltz@acfischbach.lu

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**
secretariat@acfischbach.lu
Viviane HEUSKIN 32 70 84 - 42
viviane.heuskin@acfischbach.lu
Daniel HOTTUA 32 70 84 - 20
daniel.hottua@acfischbach.lu

**BUREAU DE LA POPULATION**
population@acfischbach.lu
Joana FERREIRA 32 70 84 - 26
joana.ferreira@acfischbach.lu
Serge HOFFMANN 32 70 84 - 21
serge.hoffmann@acfischbach.lu

**RECETTE COMMUNALE**
recette@acfischbach.lu
Michèle SCHOLTES 32 70 84 - 25
michele.scholtes@acfischbach.lu

**SERVICE TECHNIQUE**
technique@acfischbach.lu
Paul DECKER 32 70 84 - 28
paul.decker@acfischbach.lu
Marc LAUX 32 70 84 - 22
marc.laux@acfischbach.lu

**SERVICE FORESTIER**
Olivier MOLITOR 87 96 49
olivier.molitor@anf.etat.lu


# Save the date

Theaterstéck: "1 Millioun an 2 Affären"

Slapstick, Witz a vill Verwiesslungen!

De Postbeamte Benno sicht d'Léift – a fënnt de Chaos: zwou Affären, en Iwwerfall, e rosenen Ehemann an eng Millioun Euro, déi op eemol am falsche Stot läit.

Wien ass wierklech de Postraiber? A wéi kënnt de Benno erëm aus der Patsch?

Eng sprëtzeg Komedie nom Hans Gmür – mat vill Tempo, Pointen a gudder Laun garantéiert!

Gespillt vum
**Theaterveräin Fëschbech-Schous-Angsbreg**
am Veräinshaus zu Schous op der Héicht:

**- Samschdes, den 24. Januar 2026**
**um 20:15 Auer**

**- Sonndes, de 25. Januar 2026**
**um 15:00 Auer**

**- Freides, den 30. Januar 2026**
**um 20:15**

**- Samschdes, den 31. Januar 2026**
**um 20:15**

Reservatiounen ab November 2025!



**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu

Naturpark Mëllerdall Geopark

KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

NaturPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Natur
50%